

Erfuersche vun den Attitüde vun der Öffentlechkeet - Informéieren iwwer d'öffentlech Uerdnung

Ausgewielte Resultater vun deene fënnef éischte Ronnen





Déi wirtschaftlech a gesellschaftlech Erausforderunge vun Europa verlaangen no enger verbesserter an innovativer Politikgestaltung. Mir brauchen zouverlässeg an accessibel Donnéeë fir datt d'Politiker d'Problemer, déi an Ugrëff ze huele sinn, richtig erfaasse kënnen a fir sécherzestellen, datt déi Politik, déi si maachen, cibléiert an efficace ass... [Den ESS] dréit maassgeeblech zu der Kreatioun vun enger effizienter Wirtschafts- a Sozialpolitik an Europa bäi



Máire Geoghegan-Quinn, EU-Kommissäerin fir Fuerschung, Innovatioun a Wëssenschaft

Remarques am Kader vun der Eröffnungsried
vun der Internationaler ESS-Konferenz – “
Länneriwewergräifend Fakten vum European Social
Survey : Erfuersche vun den Attitüden vun der
Öffentlechkeet - Informéieren iwwer d'öffentlech
Uerdnung an Europa”, Nikosia, Zypern, 23.
November 2012

INDEX

Wichtige sozial Froen an Ugrëff huelen	2
Um European Social Survey bedeelegt Länner	4
Een Europa oder e puer?	5
D'Arbecht während der Grousser Rezessioun	6
Sozial Gesondheetsfacteuren	8
Ass der Fra hir Arbecht ni zu Enn?	9
Steet de Sozialstaat ënner Drock?	10
National Berichter iwwer d'Wuelbefannen	12
Politescht Nospill zu der Grousser Rezessioun	14
Erfahrung vun Altersdiskriminéierung	15
Bestiednes a Partnerschaften	16
Politesch Partizipatioun am Post-Kommunismus	18
Angscht viru Kriminalitéit	19
Immigrationspolitik	20
Biergerbedeelegung vun Immigranten	21
Dir wëllt méi doriwwer gewuer ginn?	22
Eng erfollegräich europäesch Zesummenaarbecht	24

Attitüden a Verhalensweisen an engem Europa am Wandel

Am Laf vum leschte Jorzéngt gouf den ESS zu enger maassgeblecher Quell fir zouverlässeg Donnéeën iwwer dat soziaalt, wirtschaftlecht a moralescht Geflecht, dat sech an Europa entwéckelt.

An den 90er Joren huet d'Europäesch Wëssenschaftsstéftung fir d'éischt festgestallt, datt et e Besoin fir eng nei, regelméisseg a grëndlech europawäit Ëmfro gëtt fir de Wandel vun de soziale Wäerter queesch duerch Europa opzezeechnen. Bis 2001 hunn sech dunn 21 national Fuerschungsgemeinschaften a -ministerien aus ganz Europa der Europäescher Kommissioun ugeschloss fir déi éischt Ronn vun deem ambitiése European Social Survey (ESS) gemeinsam ze finanzéieren.

Zënterhier gëtt d'Ëmfro am Zweekjoresrhythmus duerchgefouert a mat der Zäit ass eng detailléiert Fuerschungsinfrastruktur doraus entstanden. Allegueren d'EU-Memberstaaten - mat Ausnam vu Malta - hu beim ESS matgemaach, an doriwwer eraus néng Länner ausserhalb vun der EU (Albanien, Kosovo, Island, Israel, Norwegen, Russland, Schwäiz, Tierkei an Ukraine).

D'ESS-Fuerschungsinfrastruktur huet déi folgend, am Joer 2013 aktualiséiert Ziler:

- Graphesch Duerstellung vun der Stabilitéit an den Ännerunge vun de soziale Strukturen, Konditiounen an Attitüden an Europa an Interpretatioun vum Wandel vum sozialen, wirtschaftlechen a moralesche Geflecht an Europa.
- Erreechen a Verbreede vu méi héijen a strenge Standarden an der transnationaler Fuerschung am sozialwëssenschaftleche Beräich, zum Beispill duerch Echantillonagen, Sammlung vun Donnéeën, Feelerreduktioun an Zouverlässegkeet vun de Froen.

- Aféiere vu fundéierten Indicateure vum nationale Fortschritt op der Basis vun de Bierger hire Perceptiounen a Beuerteelunge vu wesentlechen Aspekter vun hire jeeweilige Gesellschaften.
- Duerchféieren a Vereinfache vun der Formatioun vun europäesche Sozialfuerscher am Beräich vu quantitative Vergläichsmessungen an -analysen.
- Verbessere vun der Visibilitéit a vun der Rächwäit vun Donnéeën iwwer de soziale Wandel tëschent Akademiker, politeschen Decideuren an der breeder Ëffentlechkeet.

Am Joer 2005 krut den ESS als éischte sozialwëssenschaftleche Projet den Descartes-Präis fir "Exzellenz an der wëssenschaftlecher Fuerschungszesummenaarbecht". Den ESS war am Joer 2006 um Europäesche Strategieforum fir Fuerschungsinfrastrukturen (ESFRI), Europäesche Fahrplang fir Fuerschungsinfrastrukturen, bedeelegt, an op en Neits an de Joren 2008 an 2010. Am Joer 2013 gouf eng Demande agereecht fir dem ESS de legale Status als Europäesche Fuerschungsinfrastruktur-Konsortium – ERIC – zoudedeele fir déi laangfristeg Nohaltegkeet vun der Ëmfro ze sécheren.

Den ESS gëtt heefeg benotzt vun Akademiker, Fuerscher, Politiker, politeschen Decideuren a Journalisten, déi drun interesséiert sinn, déi ëffentleche Attitüden a Verhalensmuster zäit- a länneriwwergreifend besser ze verstoen. Dës Broschür konzentréiert sech op eng Selektioun vu Resultater op der Basis vun deene fënnf éischte Ronne vun ESS-Donnéeën. Si gräift op verëffentlecht Fuerschungsergebnisser vun international renommierte Wëssenschaftler zeréck, déi mat zousätzlechen Ënnersichunge vu Fuerscher aus dem Zentrum fir sozialwëssenschaftlech Vergläichsënnersichungen, City University London, vervollstännegt goufen. ◀

Wichtige sozial Froen an Ugrëff huelen

D'ESS-Questionnairen decken e breede Spektrum vu Sujeten of, déi Haaptthemen ugeet, mat deenen Europa hautdesdaags konfrontéiert ass.


Verschiede Kärfroe ginn a jiddwer Ronn vun der Ëmfro gestallt. Aner Theme changéiere vu Ronn zu Ronn, wat der Ëmfro erlaabt, breetgefächert Themeberäicher ofzedecken a sech den Ännerunge vun deenen einzelnen Ufuerderungen unzepassen. Dës Ronn-zu-Ronn "Rotatiounsmodullen" gi vu bedeutenden Akademiker, déi op dee jeeeweilege Fachberäich spezialiséiert sinn, an Zesummenaarbecht mat op d'Gestaltung vu Questionnairen spezialiséierte Fachleit aus dem ESS-Team konzepéiert. D'Sujeten an d'Auteure vu Rotatiounsmodulle gi fir all Ronn am Kader vun engem europawäite Concours selektionéiert. Verschiede Modulle goufe selektionéiert fir widderholl ze ginn.

D'Duerchféierung vun der Analys vun den Attitüde vun de Bierger am Zweekjoresrhythmus queesch duerch d'europäesch Länner an déi direkt Verbreedung vun hire Resultater erlaabt de Regierungen, de politeschen analysten an de Fuerscher, zu all Moment iwwer déi sozial Tendenzen informéiert ze sinn, déi en Impakt drop hunn, wéi d'Demokratie funktionéiert a wéi d'europäesch Bierger hiert Liewen, hir Natioun an d'Welt emfannen. ➔



KÄRTHEMEN AN ALLE RONNEN

- Moralesch a gesellschaftlech Wäerter
- Gesondheet a Wuelbefannen
- Vertrauen an d'Institutiounen
- Bildung a Beruff
- Sozialkapital a soziaalt Vertrauen
- Ëmstänn an de Stéit
- Biergerbedeelegung an Demokratie
- Sozial Exklusioon
- Politesch Wäerter an Engagement
- Sozialdemografesch Eegeschaften
- Immigratioun
- Kriminalitéit




RONN 1 2002/03

- Nationalitéit
- Immigratioun




RONN 2 2004/05

- Aarbecht, Famil a Wuelbefannen
- Nofro no Gesondheitsversuergung
- Wirtschaftlech Moral



Um ESS bedeelegt Länner

Méi wéi 30 Länner an Europa hu bei mindestens enger vun deene fënnef éischte Ronne vum ESS matgemaach



ESS Partizipatioun

Ronnen 1-5

5 Ronnen

1	Éisterräich
2	Belsch
3	Dänemark
4	Finnland
5	Frankräich
6	Däitschland
7	Ungarn
8	Irland
9	Holland
10	Norwegen
11	Polen
12	Portugal
13	Slowenien
14	Spunien
15	Schweden
16	Schwäiz
17	Vereenegt Kinnekräich

4 Ronnen

18	Tschechesch Republik
19	Estland
20	Griicheland
21	Slowakei
22	Ukraine

3 Ronnen

23	Bulgarien
24	Zypern
25	Israel
26	Russland

2 Ronnen

27	Kroatien
28	Italien
29	Lettland
30	Litauen
31	Lëtzebuerg
32	Rumänien
33	Tierkei

1 Ronnen

34	Island
----	--------

Een Europa oder e puer?

Trotz enger verstärkter europäischer Integratioun bleiwe beträchtlech Ënnerscheeder tëschent deenen eenzelne Länner bestoen

IMPAKT VUM ESS

Am Joer 2008 gouf an enger internationaler Iwwerpräiwungskommissioun ënnert der Presidentschaft vum Bob Groves Folgendes deklaréiert: "D'Wichtigkeet vum ESS... an déi kloer Signaler vu sengem Impakt justifiéiere seng kontinuéierlech Finanzéierung fir ... seng Qualitéit oprechtzeerhalen"

Zënter deene leschten zéng Joer si bedeitend Fortschrëtter a Richtung europäesch Integratioun ze verzechnen – d'EU-Memberschaft gouf erweidert fir vill Länner an Zentral- an Osteuropa opzehuelen an a verschiddene Beräicher konnt d'Politik vun deenen eenzelne Länner harmoniséiert ginn.

Huet dëst zu enger Konvergenz vun den Attitüden an de Verhalensweisen tëschent deenen eenzelne Regiounen vun Europa gefouert? Kann ee méi a méi dovun ausgoen, datt Europa a seng Bierger eng gemeinsam Erfahrung deelen oder bleiwe bedeitend national a regional Ënnerscheeder bestoen an triede weiderhin op?

Déi am Laf vun der Zäit op multiple Punkte a méi wéi 30 Länner gesammelt ESS-Donnéeën kënnen benotzt gi fir dës Fro ze belichten. Déi Fuerschungsergebnisser, déi an dëser Broschür presentéiert ginn, deiten drop hin, datt et a ville Beräicher grouss Ënnerscheeder tëschent europäesche Länner gëtt.

Et besti bedeitend Ënnerscheeder um Niveau vum politeschen Engagement an de sozialen Attitüden tëschent Ost- a Westeuropa, déi gedroe gi vun Ënnerscheeder an der Geschicht, der Kultur an den institutionellen a juristeschen Rahmbedéngungen. Weiderhin deit viles op e verstärkt Optriede vun engem wirtschaftlechen a politesche Broch tëschent dem Norden an dem Süden hin, deen op déi jee no Land ofwäichend Erfarunge mat der Kris an der Eurozon zeréckzeféieren ass.

Déi wichtegst Erkenntnesser sinn am Detail an der Broschür enthalten:

- D'Aarbechter an deene nordsche Länner sinn anscheinend manner staark betraff vun der Wirtschaftskris wéi d'Aarbechter an anere Géigenden vun Europa. Dëst kann Ënnerscheeder um Niveau vum Aarbechtsschutz, deen hinnen am Verglach zu anere Länner zur Verfügung steet, erëmspigelen.

“Tëschent Ost- a Westeuropa besti weiderhi bedeitend Ënnerscheeder um Niveau vum politeschen Engagement an de sozialen Attitüden”

- Südeuropa (besonnesch Griicheland) huet als Nospill zu der Grousser Rezessioun en däitleche Réckgang vun der politescher Legitimitéit erfuer. Den Impakt vum wirtschaftlechen Niddergang op d'politesche Legitimitéit war am Verglach mam Rescht vun Europa méi staark an de Länner an der Eurozon.
- Déi nordsche Länner hunn dat gréisste Vertrauen an hir Police an hir Justiz a sinn iwwerzeegt, datt hir Institutiounen legitim Inhaber vu Muecht an Autoritéit sinn, während osteuropäesch a vereenzelt südeuropäesch Länner tendenziell manner Vertrauen hunn.
- Dat politescht Engagement bleift am Verglach zu Westeuropa méi schwach an deene fréiere kommunistesche Länner. Dëse Manktem un Engagement reflektéiert d'Onzefriddenheet souwuel mat der aktueller politescher Realitéit wéi och mam Vermiechtnes vum Kommunismus.
- Während d'Attitüde par rapport zu der Homosexualitéit a villen europäesche Länner méi permissiv goufen, ass dat net de Fall a villen osteuropäesche Länner, wou d'Zoustëmmung, datt homosexuell Mënschen d'Fräiheet sollten hu fir hiert Liewen esou ze liewe wéi si dat wëllen, geréng bleift. ☞

D'Aarbecht an der Grousser Rezessioun

D'Wirtschaftskris hat grouss Auswirkungen op de Leit hir Aarbechtserfahrung. Den Impakt ass awer net iwwerall an Europa d'selwecht emfonnt ginn.

Wéi een Effekt hat d'Wirtschaftskris, déi am Joer 2008 duerch d'Versoe vun de Banken ausgeléist gouf, op de Leit hir alldeslech Erfahrung an der Aarbechtswelt an am Familljeliewen? Am Joer 2010/11 huet den ESS déi Froen, déi schonn 2004/2005 zu dësem Thema gestallt gi waren, nees opgegraff, wat en direkte Verglach vun de Leit hiren Erfahrungen an der Period virun der Kris mat den Erfahrungen an enger Period, an där vill Länner eng Rezessioun materlieft haten, erlaabt huet.

Eng Equipe vun europäesche Fuerscher ënnert der Leedung vum Duncan Gallie vun der Universitét Oxford huet erausfonnt, datt d'Kris bedeitend Auswirkungen op d'Aarbechtsqualitét hat. D'Ausmooss vun dësen Auswirkungen huet an deenen eenzelne Länner variéiert, jee nodeem wéi haart si vum konjunkturellen Abroch getraff goufen a wéi eng Protectioun si duerch verschidde Sozialversécherungssystemer an Aarbechtsbestëmmungen accordéiert kruten.

Tëschent 2004/05 an 2010/11:

D'Aarbechtsintensitéit – den Effort, dee verlaangt gëtt, an den zätlechen Aarbechtsdrock – ass a sämtleche


Regiounen an Europa geklommen. Déi steigend Aarbechtsintensitéit houng kloer mat der Erfahrung vun der Wirtschaftskris zesummen. D'Employéeeën hunn éischer méi héich Niveaue vun Aarbechtsintensitéit ugi wann hir Organisation rezent mat finanzielle Schwierigkeiten ze kämpfen hat, et zu Personalofbau op der Aarbechtsplaz koum oder hir eegen Aarbechtsplaz méi onsécher gi war.

D'Aarbechtsplazonsécherheet ass an deene liberalen Economië vum Vereenegte Kinnekräich an Irland souwéi och a Süd- an Osteuropa drastesch an d'Luucht gaangen, mä net an deenen nordesche Länner oder an nde kontinentale Länner wéi zum Beispill an Däitschland, an der Belsch, an Holland oder a Frankräich. Et weist näischt drop hin, datt d'Wirtschaftskris Patronen dozou bruecht hätt, d'Personalstruktur duerch d'Vergréisserung vun der Proportioun vun Beschäftegten op manner sécheren temporären Aarbechtsplazen ze änneren (obwuel d'Proportioun vun den Deelzäitaarbechter an deene meeschte Länner ugestigen ass). Déi verstärkten Aarbechtsplazonsécherheet gouf vun de festgestallte Beschäftegten, den Deelzäitbeschäftegten an den temporaire Beschäftegten d'selwecht emfonnt.

IMPAKT VUM ESS

DEN ESS ass e wichtegen Ubidder vu Fuerschungsausbildung, sief et a Form vu Präsenzunterricht oder Online-Coursen


Proportioun vu Beschäftegten, déi 2004/05 an 2010/11 eng Formatioun kruten




ESS 2004/05 an 2010/11

D'Formatiounsméiglechkeeten hunn a ville Länner ofgehall. D'Wahrscheinlechkeet, eng Formatioun ze kréie war 20 Prozent méi niddereg am Joer 2010/11 wéi am Joer 2004/05, esouguer wann ee aner méiglech Ännerungen um Niveau vum Personal oder vun den Aarbechtsplaze berücksichtigte. Deen héchste Réckgang war an Osteuropa, gefollegt vun Irland, ze verzechnen. Am Géigesaz dozou gouf et keng Baisse vun de Formatiounen an den nordesche Länner a Länner wéi Däitschland an d'Belsch konnten der esouguer méi opweisen. Länner mat méi strenge Schutzbestëmmunge fir de Leit hir Aarbechtsplazen – déi zu längerfristegen Aarbechtsrelatiounen tëschent dem Patronat a de Beschäftegte féieren – hunn d'Formatiounsoffer éischter oprechterhalen.

D'Erfahrung vu **Konflikter tëschent dem Beruff an dem Familljeliewen** huet bei Koppelen, déi bestuet sinn oder zesummeliewen, an deene meeschte Länner zugehall. Verschidden Ännerunge vun den Aarbechtsconditionen hunn zu dësem Changement bäigedroen. Dozou gehéieren d'Zouhuele vun onsozialen Aarbechtszäiten, lwwerstonnen a kuerzfristeg ugekënnegten Aarbechtszäiten an d'Verstärkung vun der Aarbechtsonsécherheet. Dee vun der Aarbecht op d'Familljeliewen ausgeübten Drock war generell méi héich an deene Länner, wou de Chômage méi staark an d'Luucht gaangen ass.

De Gallie a seng Kolleegen argumentéieren, datt d'Baisse vun der Aarbechtsplazqualitéit eng wichteg Roll spillt an dat net nëmme wéinst deem potentiellen negativen Effet op de Leit hir Gesondheet an hiert Wuelbefannen, mä och well dat längerfristeg dozou bäidroen kann, de Leit hir Bereetschaft, sech fir hir Aarbecht anzesetzen an déi zukünfteg Wuesstemschancë vun der Wirtschaft z'ënnergewen. 

“ **D'Baisse vun der Aarbechtsplazqualitéit kann dozou bäidroen, de Leit hir Bereetschaft, sech fir hir Aarbecht anzesetzen an déi zukünfteg Wuesstemschancë vun der Wirtschaft z'ënnergewen** ”



Sozial Gesondheets- facteuren

Gesondheetlech Ongläichheete besti weiderhin a sämtleche sozioekonomesche Gruppen

Enger Persoun hir Gesondheet hänkt weiderhin an engem staarke Mooss dovun of, wou dës Persoun leeft, wéivill se verdéngt, vun hirer Ausbildung, dem Verlaf vun hirer Carrière an hirem berufleche Werdegang. D'Bestännegkeet vun esou gesondheetlechen Ongläichheeten esouwuel an ewéi och téschent deenen eenzelne Länner ass eng stänneg Erausfuerderung fir d'Fuerscher an déi politesch Decideuren.

D'Fuerscher, déi fréier Ronne vun ESS-Donnéeën aus 21 Länner ennersicht hunn, konnten e kloeren Zesummenhang téschent der Gesondheet a multiple sozioekonomeschen Indicateuren noweisen. Den Terje Eikemo a seng Kolleegen hunn erausfonnt, datt d'Leit

hir Gesondheet éischer als "schwach" bewäert oder ugin hunn, si géifen un enger Krankheet leiden, déi si aschränkt a laang unhält, wann si méi en nidderegt Akommes haten oder op Aarbechtsplaze mat méi engem gerénge Status geschafft hunn oder wann se hir Ausbildung am Secondaire net ofgeschloss haten.

E Mangel un Akommes kéint d'Gesondheet net nëmmen doduerch beeinträchtigen, datt d'Verfügarkeet vu materielle Ressourcé reduzéiert ass, mä och doduerch, datt dat zur Vermëttelung vu Gefiller vu Frustratioun an enger verhältneméissegger Entbierung bäidréit. Nieft dem Zesummenhang téschent der Gesondheet an engem objektiven Akommes hunn d'Karen Olsen an de Svenn-Age Dahl Hiweiser dofir fonnt, datt déi selwer ageschate Gesondheet jee no de Leit hirer Perception vun der eegener finanzieller Situatioun variéiert. Si hunn erausfonnt, datt Leit, déi gesot hunn, si wieren amstand mat hirem aktuellen Akommes eenszeginn oder confortabel domat ze liewen, hir Gesondheet éischer gutt bewäert wéi déi, déi ugin hunn, si hätte Schwieregkeeten.

Fuerscher hunn d'Hypothes opgestallt, datt et Sozialstaaten, déi de Problem vun de sozioekonomeschen Ongläichheeten ugin,


geléngt, déi allgemeng Gesondheetssituatioun um nationalen Niveau ze verbessern. Den Eikemo a seng Kolleegen hunn erausfonnt, datt déi am ESS festgestallte Variatioun vun der Gesondheetssituatioun uechtert d'Land ongeféier zur Halschent op Ennerscheeder an der Aart vun der sozialer Ofsécherung zeréckzeféieren ass. Wéi een am folgenden Tableau gesäit, féieren déi skandinavesch an déi angelsächsesch Sozialversécherungssystemer zu enger besserer Gesondheetssituatioun am Verglach zu deene südlechen an östleche Systemer, mat enger méi héijer Proportioun vu Leit, déi hir Gesondheet mat "(ganz) gutt" bewäerten. Dëst kann d'Resultat vun enger flächendeckender Gesondheitsversuerung sinn. ◀

“ Fuerscher, déi ESS-Donnéeën benotzt hunn, konnten e kloeren Zesummenhang téschent der Gesondheet a multiple sozioekonomeschen Indicateuren noweisen ”

IMPAKT VUM ESS

Ronn 60 000 Persounen aus der ganzer Welt hu sech enregistréiert fir d'Websäit mat den ESS-Donnéeën ze benotzen. Ënnert de Notzer befannen sech Akademiker, Studenten, Think tanks a staatlech Instanzen

Proportioun vu Befroten, déi hir Gesondheet als "(ganz) gutt" bewäerten, no Sozialversécherungssystemer



ESS 2002/03 an 2004/05

Eikemo, T.A., Bamba, C., Judge, K. and Ringdal, K. (2008) 'Welfare state regimes and differences in self-perceived health in Europe: A multilevel analysis', *Social Science & Medicine* 66: 2281-2295

Olsen, K.M. and Dahl, S. (2007) 'Health differences between European countries', *Social Science & Medicine* 64: 1665-1678

Ass der Fra hir Aarbecht ni zu Enn?

D'Tatsaach, datt d'Fraen dee gréissten Deel vun der Haushaltsaarbecht erleedegen, kann d'Gefill vun engem Konflikt tëschent der Aarbecht an dem Familjeliewen ausléisen – fir d'Männer

Eng vun deene gréisste gesellschaftlechen Ännerunge queesch duerch Europa an deene leschte Jorzéngten ass d'Hausse vun der Aarbechtsmaartbedeegung vun de Fraen. D'Ännerunge vun de Fraen hiren

Aarbechtmustereen ausserhalb vum Haus bedeiten allerdéngs net ëmmer Ännerungen vun der Aart a Weis, wéi d'Aufgaben am Haushalt tëschent de Geschlechter opgedeelt ginn. Et ass ëmmer nach üblech, datt d'Fraen dee gréissten Deel vun der Haushaltsaarbecht erleedegen, an zwar esouguer dann, wann se vollzäitbeschäftegt sinn.

Dee folgenden Tableau - baséiert op ESS-Donnéeën aus dem Joer 2010/11 - weist den Undeel vun der Haushaltsaarbecht, dee vu Fraen iwwerholl gëtt, déi mat engem männleche Partner zesummeliewen, fir alleguerten d'Fraen tëschent 20 a 64 Joer (hellgréng Balken) a just fir Fraen, déi méi wéi 30 Stonne pro Woch schaffen (mauve Balken). Den Tableau weist, datt esouguer Fraen, déi enger bezuelter Vollzäitbeschäftegung noginn, am Duerchschnëtt d'Verantwortung fir ongeféier zwee Drëttel vun der Gesamtzäit, déi eng heterosexuell Koppel mat Haushaltsaarbechte verbréngt, dréit. D'Verdeelung vun der Haushaltsaarbecht tëschent Fraen a Männer ass am gläichméissegsten an den nordesche Länner an am mannste gläichméisseg a Südeuropa.


Fuerscher hunn den ESS benotzt fir den Impakt vun där sougenannter "Duebelbelaaschtung"

duerch bezuelt Aarbecht an Haushaltsaarbecht op de Fraen hir Erfarunge vum Konflikt tëschent Beruff a Famill ze ënnersichen. Eng vun Jacqueline Scott an dem Anke Plagnol duerchgefëiert Etüd vu siwe nordeuropäesche Länner huet gewisen, datt déi vollzäitbeschäftegt Fraen an dese Länner trotz der zousätzlecher Belaaschtung duerch d'Verantwortung fir dee gréissten Deel vun der Haushaltsaarbecht kee méi e staarkt Gefill vun engem Konflikt tëschent Beruff a Famill hu wéi Männer, déi ähnlech Aarbechtszäite schaffen.

Hir Etüd, déi op ESS-Donnéeën vun 2004/05 baséiert, suggeréiert effektiv, datt et éischter d'Männer wéi d'Frae wieren, déi am meeschte vun enger méi gerechter Opdeelung vun der Haushaltsaarbecht tëschent de Geschlechter géinge profitéieren. Nordeuropäesch Männer, deenen hir Partnerinnen dee gréissten Deel vun der Haushaltsaarbecht erleedegt hunn, haten éischter d'Gefill vun engem Konflikt tëschent Beruff a Famill wéi Männer, déi méi e groussen Deel vun der Haushaltsaarbecht iwwerholl hunn. Villäicht hu Männer an deser Situatioun Scholdgefiller well se hire gerechten Undeel net iwwerhuelen oder villäicht kreéiert déi ongerecht Opdeelung vun der Haushaltsaarbecht Spannungen tëschent hinnen an hire Partnerinnen. ☹



Proportioun vun Hausaarbecht, déi vu Fraen erleedegt gëtt



ESS 2010/11
Remarque: Zueleberechnung fir Fraen tëschent 20-64 Joer, déi mat hirem männleche Partner zesummeliewen

Scott, J. and Plagnol, A.C. (2012) 'Work-family conflict and well-being in Northern Europe' in Scott, J., Dex, S. and Plagnol, A.C. (eds.) *Gendered Lives: Gender Inequalities in Production and Reproduction*, Cheltenham: Edward Elgar

Steet de Sozialstaat ënner Drock?

Déi breet Ëffentlechkeet ënnerstëtzt de Sozialstaat trotz de Bedenke wéint den ekonomesche Konsequenzen an der Ofhängegkeet vu Sozialleeschtingen.

IMPAKT VUM ESS

DEN ESS huet derzou bäigedroen, ze informéieren an d'Methodologie vun aneren Ëmfroen an Europa ze verbessern. Dozou gehéieren de European Values Survey (EVS), eng europäesch Ëmfro iwwer Wäertvirstellungen, de European Quality of Life Survey (EQLS), eng europäesch Ëmfro iwwer Liewensqualität, de Survey for Health, Ageing and Retirement in Europe (SHARE), eng Ëmfro iwwer Gesondheet, Alginn a Pensioun an den International Social Survey Programme (ISSP), den internationale Programm vun de Sozialstudien.

De Sozialstaat, e Pliier vum Europäesche Sozialmodell, steet ënner Drock. Politesch Decideure si mat der Erausfuerderung konfrontéiert, déi nei Besoinen ze befriedegen, déi kreéiert gi vun enger Bevelkerung, déi altert, der Immigratioun an der Globaliséierung an enger Zäit vun heftege Budgetsrestriktiounen. Opgrond vun deene Pressiounen ass d'ëffentlech Legitimitéit vun allerhéchster Wichtigkeet fir d'Gestaltung vun der zukünfteger Prestatioun vu Sozialleeschtingen.


E Modul mat Froen, déi 2008/09 gestallt goufen, bitt eng detailéiert Perspektiv dovun, wéi d'Europäer d'Prestatioun vu Sozialleeschtinge gesinn. Obwuel dës Donnéeë gesammelt goufen, éier dee vollen Impakt vun der Grousser Rezessioun siichtbar gouf, ginn si e wäertvollen Abléck an de Bierger hir Grondstellungen. De Stefan Svallfors argumentéiert, datt d'Europäer insgesamt dofir sinn, dat de Staat agräift fir d'Wuelbefannen vun de Bierger ofzesécheren. Dee folgenden Tableau weist, datt wann een nofreet, bis zu wéi engem Grad de Staat d'Verantwortung soll iwwerhuele fir d'Prestatioun vun enger Rei vu Services,

“ Am Allgemenge begréissen d'Europäer d'Agräife vum Staat fir d'Wuelbefanne vu senge Bierger ofzesécheren ”

eng adäquat medizinesch Versuergung an e verstännege Liewensstandard fir eeler Leit oder Aarbechtsloser mat abegraff, déi meescht Länner eng Nott tëschent 7 an 9 op enger Skala vun 0-10 errechen (woubäi déi héijer Notten eng gréisser Ënnerstëtzung vun der staatlecher Bedeelegung uginn). Interessanterweis ass d'Befürwortung vun enger staatlecher Bedeelegung am stäerksten an deene manner gutt entwéckelte Sozialstaaten an Osteuropa.

D'Leit sti verschidden Aspekter vun der Prestatioun vu Sozialleeschtingen kritesch géintiwier. Zum Beispill gleeft an deene meeschte Länner – mat Ausnam vun den nordesche Länner – d'Majoritéit vun de Befroten, datt vill Leit et fäerdeg bréngen, an

Ënnerstëtzung vun der staatlecher Interventioun



ESS 2008/09

Remarque: D'Wärter sinn national Moyennen, déi vu 6 Elementer, déi op enger Skala vun 0-10 gemooss goufen, ofgeleet sinn

Proportioun vun de Befroten, déi sech Suergen wéinst der Prestatioun vu Sozialleeschtingen maachen



■ Vill Leit kommen an de Genoss vun Ënnerstëtzen an Déngschter ze kommen, déi hinnen net zoustinn
 ■ Sozialleeschtingen /Déngschter belaachten d'Ekonomie zevill.

ESS 2008/09

Remarque: Proportioun vun de Befroten, déi averstane/ganz averstane mat all Ausso sinn

IMPAKT VUM ESS

National Koordinatoren a Polen hunn dem zentrale Statistiksbüro an der Nationalbank vu Polen eng methodologesch Formatioun op der Basis vum ESS ugebueden

de Genoss vun Ënnerstëtzen an Déngschter ze kommen, déi hinnen net zoustinn. A vill Länner bestinn och Bedenken an Hिसicht op d'ekonomesch Auswierkung vum Prestatioun. Ongeféier d'Halschent vun de Leit am Vereenegte Kinnekräich, a Frankräich, an der Slowakei an an Ungarn – a 60 Prozent an Irland – fannen, dass Sozialleeschtingen a Bähëllefen d'Ekonomie zevill belaachten.

D'Recherch vum Torben Fridberg, déi an engem Sammelband mat de Resultater vum ESS-Sozialstaat-Modul publizéiert goufen, erginn, dass d'Ënnerstëtzung vum Sozialstaat duerch d'Ëffentlechkeet mat der Perceptioun vun der Legitimitéit vum System zesammenhängt. D'Leit si manner bereet, eng ausgedehnt Prestatioun vu Sozialleeschtingen duerch de Staat – oder eng Erhéijung vun de Steieren zugonschte vu méi ëffentlechen Ausgaben - z'ënnerstëtzen, wann se mengen, dass d'Prestatioun vu Sozialleeschtingen d'Ekonomie strapazéiert, dass d'Beneficiairë vun de Sozialleeschtingen de System stréppen oder dass d'Steieramt inefficace ass oder ongerecht verfiert. Aus dësem Grund besteet

“D'Leit si manner bereet, eng ausgedehnt Prestatioun vu Sozialleeschtingen z'ënnerstëtzen, wann se mengen, dass d'Prestatioun vu Sozialleeschtingen d'Ekonomie strapazéiert, dass d'Beneficiairë vun de Sozialleeschtingen de System stréppen oder dass d'Steieramt inefficace ass oder ongerecht verfiert”

d'Gefor, dass d'Onzefriddenheet mat der Funktionsweis vum besteende System déi laangfristeg Ënnerstëtzung vun der Prestatioun vu Sozialleeschtingen ënnergriefft.

De Risiko vun engem Réckschlag géint den Europäesche Sozialmodell duerch d'Ëffentlechkeet sollt awer net iwwerbewäert ginn. De Wim van Oorschot a seng Kollege benotzen ESS-Donnéeë fir ze weisen, dass och wa verschidde Leit mengen, dass de Sozialstaat d'Ekonomie belaaht oder dass d'Prestatiounen zu enger Ofhängegkeet vun de Sozialleeschtinge gefouert huet, dës Gefiller am Allgemenge manner prävalent sinn ewéi d'Iwwerzeugung, dass de Sozialstaat seng

ugestriift sozial Zilsetzung fir d'Aarmut ze bekämpfen, d'Ongerechtegkeet ze reduzéieren an den Equiliber tëschent Aarbecht a Familjeliewen ze vereinfachen, erreicht huet. De Glawen u positiv Resultater vum Sozialstaat ass staark verbreet während d'Kritik verstärkt vu Leit ausgeet, déi sech um rietse Rand vum ideologesche Spektrum bewegen. Héijer Niveaue vu Sozialleeschtingen verstärken d'Perceptioun esouwuel vun deenen negative wéi och vun deene positive Konsequenze vum Sozialstaat. Et ass awer esou, dass gréisser Ausgaben am wahrscheinlechsten zu méi enger staarker Ënnerstëtzung vun den Erfollegger vum Sozialstaat féieren. ☞

Svallfors, S. (2012) *Welfare attitudes in Europe: Topline Results from Round 4 of the European Social Survey*, London: Centre for Comparative Social Surveys

Fridberg, T. (2012) 'Legitimacy of the system and support for the welfare state' in Ervasti, H. et al. (eds.) *The Future of the Welfare State: Social Policy Attitudes and Social Capital in Europe*, Cheltenham: Edward Elgar
 Van Oorschot, W., Reeskens, T. and Meuleman, B. (2012) 'Popular perceptions of welfare state consequences: A multilevel, cross-national analysis of 25 European countries', *Journal of European Social Policy* 22:181-197

National Berichter iwwer d'Wuelbe- fannen

Länner mat engem héijen Niveau u perséinlechem Wuelbefannen hunn net onbedéngt en héijen Niveau u sozialem Wuelbefannen, an emgedréint

IMPAKT VUM ESS

Elementer vum ESS Wuelbefannen-Modul ginn heefeg benotzt fir esouwuel d'national Berichter iwwer d'Wuelbefanne vun der New Economics Foundation (NEF) wéi och fir de Programm iwwer d'Miessung vum nationale Wuelbefanne vum britesche nationale Statistiksbüro (ONS) z'entwéckelen


D'Regierung ronderëm d'ganz Welt ginn sech ëmmer méi bewusst, dass se iwwer d'ekonomesch Indicateuren eraus musse kucken an och d'Miessung vun hire Bierger hirem subjektive Wuelbefannen a Betruecht zéie mussen. Déi bekanntesten Approche fir d'Wuelbefannen ze moossen, besonnesch wann ee länneriwwegräifend Vergläicher mécht, besteet dran, eng eenzeg Miessung vum Gléck oder der Liewenzefriddenheet virzehuelen. Esou summaresch Miessungen ginn allerdéngs just eng limitéiert Perspektiv doriwwer ob d'Leit e gutt Liewe féieren.

An enger ESS-Etüd aus dem Joer 2006/07 gouf et eng detailléiert Suite vu Froen, déi de Fuerscher erlaabt huet, ze ënnerscheeden tëschent verschidde Dimensione vun de Bierger hirem perséinleche Wuelbefannen wéi och deene verschidde Dimensione vun hirem soziale Wuelbefannen, woubäi d'Qualitéit vun de Leit hire Relatiounen mat der Famill an de Frënn an hir Verbindung mat der Gesellschaft am weidere Sënn abegraff ass.

“ Länner mat ähnleche Gesamtniveaue vu Wuelbefannen kënnen ganz verschidde Wuelbefannen-Profiller opweisen ”

D'Analys vun dësen Donnéeën duerch déi britesch New Economics Foundation, déi dat perséinlecht an dat soziaalt Wuelbefannen an engem allgemenge Wuelbefannen-Index fir all Land kombinéiert, weist, dass Dänemark, d'Schwäiz an Norwegen déi héchsten Niveaue vun engem allgemenge Wuelbefannen hunn, während zentraleuropäesch an osteuropäesch Länner wéi d'Ukraine, Bulgarien an Ungarn déi nidderegste Niveaue hunn.

Niveaue vu perséinlechem a sozialem Wuelbefannen



ESS 2006/07

Remarque: National Moyenné fir perséinlecht Wuelbefannen, ofgeleet vun de Wäerter vu fënnf Haaptkomponenten, gemooss op enger Skala vun 0-10
National Moyenné fir soziaalt Wuelbefannen, ofgeleet vun de Wäerter vun zwou Haaptkomponenten, gemooss op enger Skala vun 0-10


Länner, déi héich Punktzuelen am perséinleche Wuelbefannen errechen, errechen net onbedéngt eng héich Punktzuel am soziale Wuelbefannen an ëmgedréint. Am folgenden Tableau gesäit een, datt Spuenien a Portugal vill méi héich Punktzuelen am soziale am perséinleche Wuelbefannen errechen, wat genee esou op déi meesch zentral- an osteuropäesch Länner zoutreff.

Déi Donnéeë suggeréieren och, datt de Leit hir Gefiller wat d'Qualitéit vun hire Relatiounen mat deene Persounen ubelaangt, déi hinnen nostinn, kënnen ofwäiche vun deem Mooss, an deem se e Gefill vu Vertrauen oder Zougehéieregkeet par rapport zu de Leit am Allgemengen hunn. An eenzelne Länner (z.B. a Bulgarien, am Vereenegte Kinnekräich, a Spuenien an Portugal) sinn d'Leit méi positiv wat hir Relatioune mat Frënn a Famill ubelaangt. An anere Länner (z.B. Ungarn, Schweden an Norwegen) sinn d'Leit am Duerchschnëtt méi positiv wat hir Relatioune mat der Gemeinschaft am weidere Sënn ugeet.

Et ginn esouwuel Ähnlechkeete wéi och Ënnerscheeder bei deenen individuellen Eegeschaften, déi mat engem méi héije perséinlechen a soziale Wuelbefannen associéiert ginn:

- de Benevolat gött esouwuel mat engem héije perséinleche wéi och engem héije soziale Wuelbefannen associéiert
- eng schlecht Gesondheet oder eng Behënnerung huet e besonnesch staarken an negativen Impakt op d'perséinleche Wuelbefannen, mä et gött och mat méi engem méi nidderege soziale Wuelbefannen associéiert
- obwuel jonk Leit ënner 25 Joer méi Punkte bei deene meeschte Miessunge vum Wuelbefannen errechen, läit hir Punktzuel bei de Miessunge vum soziale Vertrauen ënner dem Duerchschnëtt

National Wuelbefannen-Profiller



ESS 2006/07

Remarque: National Mëttelwäerter op individuelle Komponente vu perséinlechem a sozialem Wuelbefannen. D'Länner am Diagramm hunn ähnlech allgemeng Niveaue vu Wuelbefannen, awer verschidde Mëttelwäerter fir jiddwer Komponent.

- D'Fraen errechen tendenziell manner Punkte wéi d'Männer beim perséinleche Wuelbefannen, awer méi Punkte wéi si beim soziale Wuelbefannen.

Fuerscher vun der New Economics Foundation hunn ESS-Donnéeën benotzt fir Wuelbefannen-Profiller – oder national Berichter iwwer d'Wuelbefannen – fir 22 europäesch Länner ze kreéieren. Dës Profiller zeechen en nuancéierten Tableau vun der Eegeschaft vum Wuelbefannen a jiddwer Land a kënnen benotzt gi fir ze decidéieren ob d'Politik geziilt an eng bestëmmte Richtung orientéiert oder drop ausgeriicht soll ginn, d'Wuelbefanne méi allgemeng ze verbessern. Den Tableau uewe weist kloer wéi esouguer Länner mat ähnliche Gesamtniveaue vum Wuelbefanne wéi Éisterräich a Finnland oder Ungarn a Portugal ganz verschidde Wuelbefannen-Profiller opweise kënnen

“D'Fraen erreche manner Punkte wéi d'Männer beim perséinleche Wuelbefannen awer méi Punkte wéi si beim soziale Wuelbefannen”

andeeems se bei verschidde Miessunge méi Punkten a bei anerer manner Punkten errechen. Mat engem interaktiven Tool kënnen deenen eenzelne Länner hir Wuelbefannen-Profiller Online am Detail exploréiert ginn. www.nationalaccountsowellbeing.org

New Economics Foundation (2009) *National Accounts of Well-being: bringing real wealth onto the balance sheet*, London: nef

Politescht Nospill zu der Grousser Rezessioun

Eng ekonomesch Onzefriddenheet, déi zouhëlt, kann de politesche System ënnergruwen, besonnesch an deene Länner an der Eurozon, déi am schlëmmste vun der Grousser Rezessioun getraff goufen

IMPAKT VUM ESS

Am Joer 2011 huet den David Willetts, britesche Minister fir d'Universitëten an d'Wëssenschaft festgestallt, datt den ESS de "Regierungen, politeschen Analysten a Fuerscher" erlaabt, Schrëtt ze hale mat gesellschaftlechen Tendenzen, déi en Afloss drop hunn, wéi d'Demokratie funktionéiert a wéi eng Perception d'Europäer vun hirem Liewen, hirer Natioun an der Welt hunn"

D'Nowierkung vum der Grousser Rezessioun vun 2008 wäerte wahrscheinlech wäit iwwer déi direkt Auswierkungen op de Leit hiert materiell Wuelbefannen erausgoen. D'Beweiser vum ESS weisen drop hin, datt eng schwach ekonomesch Leeschtung esouguer eng Menace fir déi demokratesch Legitimitéit vun deene Länner kann duerstellen, déi am schlëmmste getraff goufen.


